Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador
Décembre 2011 • XLIII /4

El Salvador - Luxembourg

« Bericht iwwer de Service volontaire de coopération vum Martin Kayser am El Salvador »

Léif Leit,

Wéi am leschte Bulletin ugekënnegt, gi mir an dëser Editioun dem Lëtzebuerger Student Martin Kayser d'Wuert.

Hie war iwwer de Service volontaire de coopération déi éischt sechs Méint vun dësem Joer fir eis Fondatioun an El Salvador.

Hien huet e.a. am Kannerheem Amor y Esperanza zu Santa Ana gelieft a geschafft.

Am Numm vum Conseil vun der Fondatioun soen ech him merci fir säi groussen Asaz.

Ech wëll awer net vergiessen, Iech an Äre Familje schéi Chrëschtdeeg a vill Gléck am Neie Joer ze wënschen.

Merci fir Är Hëllef an Ennerstëtzung!

Roland Milbert
President vun der Fondatioun

Hei wat de Martin Kayser schreift:

Bäi menge Recherche fir e Volontariat sinn ech 2009 op d'Fondatioun Lëtzebuerg-El Salvador gestouss. Si huet menge Kriteren als kleng, organiséiert ONG mat villen diverse Projete genau entsprach. Sou hunn ech mech direkt gemellt, fir ze froen, ob et méiglech wär, als Volontaire matzegoen. No menger Premiere an intensive Spuenesch Couren zu Salamanca wor et endlech souwäit, an ech hu mech den 28. Dezember 2010 op de Wee an den El Salvador gemaach.

Wat wore meng Erwaardungen? Ech muss als éischt soen, datt mer bewosst war, datt ech net do wär, fir d' Welt ze änneren. Fir mech wor et kloer, datt dëst eng Virbereedung op mäin zukünftegt Liewe kéint sinn. Mäin Haaptziel wor, d'Welt e bësse besser verstoen ze kënnen. Em wat geet et an deenen aarme Länner? Wat si wirklech déi Haaptproblemer? Wat kann ee man, fir d'Liewensbedingunge vun de Mënschen ze verbesseren? Dat woren

och déi Grënn, wisou ech mat enger klenger Organisatioun wollt matgoen, déi lokal intégreiert ass, an engem kee falscht Bild virgaukelt, d.h. wou ech alles sou neutral wéi méiglech, oder eben aus sou ville Perspektive wéi méiglech géif mat kréien, fir datt ech mer um Enn mäin eegent Bild maache kéint. Sou sinn ech ganz oppen u mäi Volontariat erugaang, an hunn alles op mech zoukomme gelooss.

Wéi ech ukoum, wor ech gläich begeeschtert vun der Landschaft an dem Klima. Ech mengen, dat seet einfach all Mënsch, deen am Salvador ukënnt: "Wat e flott Land!". Leider, wann een dann ufänkt, alles méi am Détail ze kucken, erkennt een de Misär, deen do tëschent de Kaffisplantagen, de Vulkanen an den tropesche Bëscher existéiert.



Den 3. Januar, no e puer Deeg reesen an d'Land entdecken, sinn ech am Heem 'Hogar de Ninos Amor y Esperanza' zu Santa Ana ukomm. Ech gouf vum Abbé Gloden a vum Oscar Pinto, dem Direkter vum Heem, empfaang. D'Leit woren all superfrëndlech, an hu mech häerzlech wëllkomm geheescht, an esou hunn ech mech direkt wuelgefillt.

Wéi ech ukoum, haten d'Kanner nach Summervakanz, a waren zum gréissten Deel dagsiwwer am Heem. Hei hat ech vill Zäit, mat de Kanner ze schwätzen, an se all besser kennen ze léieren. Ouni Spuenesch wär hei guer näischt gelaf, also wor ech immens frou, dat ech Spuenesch geléiert hat!

Am Februar hunn ech ugefaang, Klassen ze halen. Enner anerem hunn ech hei Englesch, Internet a Computer ënnerriicht. D'Kanner wore séier interesséiert un dëse Sujeten, an hunn och all fond, datt et hinnen eppes brénge géif. Et gouf nëmmen heiandsdo Problemer mam Engleschen, well d'Kanner d'Schwieregkeet, eng nei Sprooch ze léieren, net richteg aschätze konnten. Mee no kuerzer Zäit gouf ee schonn iwwerall am Heem mat: ‚Hello, how are you?' begréisst.

Dank den Internetcoure wëssen d'Kanner elo, wéi een E-maile schreift, a wéi ee mam Internet, wat dach geféierlech Beräicher opweist, ëmzegoen huet. Sou kënnen se lo och schonn eegestännech fir hir Schoulaarbechte recherchéieren, an déi néidech Informatiounen effizient fannen. Ech hunn hinne mäi Laptop och gelooss, fir datt se

weiderhin um Internet schaffen an übe kënnen, ënnert der Opsiicht vun den Educateuren.

Ausserhalb vu menge Couren, wann ech am Heem wor, hunn ech mech ëm meng alldeeglech Saache gekëmmert. Enner anerem hun ech meng Kleeder selwer gewäsch, meng Kummer, d'Klassenzëmmer a meng Buedzëmmer gebotzt. Och hunn ech mech ëm d'Kanner gekëmmert, mat hinne gespillt oder hinne bei hiren Hausaufgabe gehollef.

Ech hunn och vill Zäit dermatt verbruecht, mech mat de Leit am Heem ze ënnerhalen, fir mer esou e bessert Bild fun hirer Realitéit kënnen ze maachen.

E puermol an der Woch sinn ech mam Chauffeur erausgefuer, fir d'Stad besser kennen ze léieren. Wéinst de grousse Geforen ass dat awer leider nëmmen innerhalb vum Auto méiglech gewiescht. An de Weekender sinn ech och heiandsdo mam Padre Gloden op La Majada an d'Bildungs- a Retraitenhaus gefuer, fir mer d'Seminairen wéi och d'Emgéigend unzekucken.

No deenen éischten zwee Méint hunn ech mech entscheed, e puer Saachen ze änneren, fir meng Erfahrung nach méi authentesch ze man. Am wichtegste war mer, fir ee Mount genau sou wéi d'Kanner ze liewen. Also hunn ech nëmmen esouvill agepaakt, wéi d' Kanner am Heem och hunn, a sinn den 1. März an hir Zëmmere bäi si geplënnert. Dat huet also och geheescht, datt ech ee Mount keen Internet, Handy, iPod a keng Suen hat. Ech hu mech op e Minimum rofgeschrauft, fir genau sou ze liewen, wéi d' Kanner. D'Iddi heiderhanner war, fir d'Kanner besser ze verstoen. Wann ee lieft wéi si, kuckt ee vill Saachen aus enger anerer Perspektive, a versteet se sou och vill besser. No dësem Mount hunn ech mech schon hallef salvadorianesch gefillt.

E Mount hunn ech och an enger Unidad de Salud, enger lokaler Klinik, geschafft. Dat war zu San Agustin, net wäit vun El Jobal. Sou sinn ech och dacks op d'Insel gefuer, fir mer de Projet vum Haiserbau unzekucken.

Hei ass alles optimal gelaf, an d'Leit sinn immens dankbar fir hir Haisercher. Si wëssen, d'Aarbecht an

d'Hëllef vun der Fondatioun ze schätzen. All Familjememberen hunn och ëmmer ganz motivéiert matgehollef beim Baue vun den Haiser.

De 26. Mee koume meng Elteren op Besuch a mech ofhuelen. Déi verbleiwend zwou Woche si mer am Land ronderëm gereest.

Hei konnt ech d'Roll vum Guide iwerhuelen, an mengen Eltere vill vum El Salvador erzielen. Den 10. Juni sinn ech op New York geflunn, an no enger Woch zréck op Lëtzebuerg. Ech koum de 17. Juni 2011 nees heiheem un.

Am Résumé kann ech soen, datt et eng super Experience fir mech war. Ech hu vill geléiert, erlieft, a vill Leit kenne geléiert, déi mech geprägt hunn. Alles, wat ech gesinn an erlieft hunn, huet mech net nëmmen iwwerflächlech verännert, mee och déif am Enneren. Sou hunn ech elo en neie Brëll opgesat krut, mat deem ech d'Welt méi no un der Realitéit gesinn, a mat deem ech besser verstinn, wat ech selwer zu enger besserer Welt bäidroe kann. Ech hunn elo eng aner Astellung par rapport zu menger Zukunft, ech weess elo, wat wichteg ass am Liewen, a wat net, an dat wäert mer och hëllefe bäi mengem Studium vun 'International Business' zu Rotterdam.

Mir liewen an enger ëmmer méi globaler Welt, an e globalt Verständnis ass immens wichteg. Ech erhoffe mer mat deem, wat ech geléiert hunn, déi richteg Entscheedungen a mengem Liewen ze treffen, an ze hëllefen, d'Welt vläicht e bëssche besser ze man.

Ech nennen et e gewonnend halleft Joer, a wäert dës Erfahrunge fir ëmmer als meng Wegweiser benotzen.

Méi Ablécker fann der och op mengem Blog: **martinkayser.com/blog**

Martin Kayser

De Bulletin per E-Mail

Hei en Opruff an eegener Saach:

Leit, déi de Bulletin léiwer um elektronesche Wee, anstatt um Postwee, wëlle kréie, solle sech mellen:

luxelsa@pt.lu

Dat kéint eis d'Aarbecht vum Verschécken erliichteren (an en Timbre spueren).

Merci fir är Mataarbecht!

Stiftung Luxemburg-El Salvador hilft den Flutopfern

Infolge der sintflutartigen Regenfälle sind tausende Salvadorianer obdachlos.

Sie haben ihre Habseligkeiten und ihre Lebensgrundlage verloren, besitzen oft nichts als die durchnässten Kleider, die sie am Leibe tragen. Sie sind notdürftig in öffentlichen Gebäuden, Vereinssälen und in Kirchen untergebracht.

Rettungsdienste sind voll im Einsatz, jedoch reichen die logistischen und finanziellen Mittel nicht aus, um sie mit dem Nötigsten zu versorgen: Nahrung, Kleidung, Decken, Medikamente, alltägliche Utensilien...

Unsere Stiftung hat sofort mit einer Finanzspritze von 35.000 $ auf die Notlage reagiert.

Weitere 30.000 $ sind kurzfristig genehmigt für die Ortschaften Arce und

Ateos, wo z.B. Pfarrer Tolentino 500 Menschen in der Kirche beherbergt.

Stichwort Wiederaufbau, oder: wohin kehren diese Leute „heim“, alles ist zerstört.

Helfen Sie uns helfen?
Muchas gracias.

«Dem Herrn gehört die ganze Erde, mit allem, was darauf lebt»
Psalm 24

Bericht des luxemburgischen Priesters Henri Gloden

Oktobertragödie-Überschwemmungskatastrophe

„Mas que dramatico“, mehr als dramatisch, sagte mir eben ein junger Arzt am Telefon.

Seit zehn Tagen regnet es im ganzen Land, in ganz Zentralamerika. Fast ohne Unterbrechung.

Vier Tage Dauerregen im September sind normal. Aber im Sonnenmonat Oktober dieser Regen, schon zehn Tage lang… Bis jetzt nie dagewesen.

Es gibt menschliche Situationen, die man nicht versteht, wenn man sie nicht selbst erlebt.

In der Karibik und in Florida wüten jedes Jahr eine Reihe Hurrikane. Weite Teile Thailands sind überflutet, Bangkok droht zu versinken. Überschwemmtes Land in Vietnam. In Norditalien reißen die Fluten ganze Dörfer mit, einige Departements in Südfrankreich stehen unter Wasser…

Und jetzt hier in El Salvador, einem Land, das schon manche Naturkatastrophe erlebt hat: Wasser- und Schlammmassen, weggerissene Häuser und Brücken, zerstörte Ernten, überflutete Wege und Straßen, Geröll-und Erdrutsche, viele Orte von der Außenwelt abgeschnitten, mindestens 32 Tote…

Wirklich er-fassen, er-leben wir das nicht. Nun verstehe ich irgendwie, wie das ist, welche Dramatik, welches Leiden sich dahinter verbirgt. Wir erfahren das momentan am eigenen Leibe.

Mehr als tragisch… jetzt, und in Zukunft?

Hunderttausende Menschen sind in ihrer Existenz bedroht. Hier besonders in der Meeresgegend, am Pazifischen (Friedlichen) Ozean.

Hunger und Durst, Krankheiten, Leiden und Angst, Todesangst…

„Kommen Sie zurück, uns abholen?“ fragten voller Panik die Männer die Soldaten, die mit Armeefahrzeugen am Bajo Lempa, dem jetzt reißenden Fluss, Hunderte von Kindern, Frauen und alten Menschen vor einem sicheren Flutentod befreiten. Es gab keinen Platz mehr für die Männer auf den Lastwagen.

Um den Staudamm „15 de Septiembre“ vom Zerbersten zu retten, und um eine Sturmflut für die Gegend zu verhindern, wurden die Schleusen teilweise geöffnet: sechstausend Kubikmeter

pro Sekunde überschwemmten in kürzester Zeit das weite Tal des Flusses Lempa bis zu seiner Mündung ins Meer: viele Quadratkilometer von Mais- und Bohnenfeldern wurden geflutet, Plantagen zerstört, tausende Tiere, Hühner, Schweine, Kühe konnten nicht gerettet werden und verendeten in den Wassermassen.

Rette sich, wer kann, oder wer gerettet werden kann!

Tausende von Armenbehausungen wurden weggerissen. Eine Reihe von Brücken und Straßen sind unterspült oder weggeschwemmt, besonders die Zufahrtsbrücken nach Guatemala über den Rio Paz. Die Schnellstraße von San Salvador nach Sonsonate ist gesperrt, weil zwei wichtige Brückenverbindungen Opfer der Fluten wurden.

Da die Armen meist von Tag zu Tag leben, aus der Hand in den Mund, keine Ersparnisse haben –die allermeisten haben zu dieser Zeit keine Arbeit-, sind sie menschlich gesehen dem Ertrinken nahe.

„Cosas peores vamos a ver“, wir werden Schlimmeres sehen, kommentierte ein Radiosprecher. El Salvador hat nie vorher etwas Ähnliches erlebt.

Unsere Erde – ein geschundener, erschöpfter Planet?

Bevölkerungswachstum und das Streben vieler Nationen nach wirtschaftlichem Fortschritt, mehr Wohlstand, mehr Macht, treiben das globale Ökosystem an die Grenzen der Leistungsfähigkeit.

Die Erde ächzt unter uns Menschen: die Folgen werden wir alle zu spüren bekommen: Klimawandel, Rohstoff-Schwund, Verknappung von Wasser und Nahrungsmitteln.

Düstere Zukunftsvisionen? Nein, Realität!

Der Umgang des Menschen mit der Erde ist die größte Herausforderung der Gegenwart.

La pudeur des pauvres

Wie öfters berichtet, konnten wir in den vergangenen Jahren vielen jungen Salvadorianern durch Studiengelder Schulbesuch und -abschluss ermöglichen. Die allermeisten von ihnen sind im Arbeitsprozess.

Ein Detail: jedes Detail hat seine Bedeutung, hat eine menschliche, sogar göttliche Mitteilung für uns: ich kenne das Daheim von vielen von diesen Studenten nicht, weiss nicht, wie und wo sie leben in ihrem Dorf, kenne nur ihre bittere Armut.

Wieso? Erstens wegen der großen Entfernungen: ich lebe und arbeite im Westen des Landes, viele von „unseren“ Studenten wohnen und studieren im Zentrum, im Osten und auch im Norden El Salvadors.

Der wichtigste Grund scheint aber folgender: ihre „pudor“, ihre Scham: ein nobles, vornehmes Gefühl. Arme Menschen schämen sich ihrer Armut, (das ist in Luxemburg und sonstwo nicht anders). Armen Menschen fällt es nicht leicht, Geld, „Almosen“ an zu nehmen. Diese Jugendlichen möchten am liebsten, dass sogar ich die Groß-

armut ihrer Familien nicht kennenlerne, nicht sehe.

Ich respektiere sie und ihre Haltung zutiefst. In all den Jahren habe ich erfahren und gelernt, dass diese edlen Indios aus El Salvador viel empfindlicher, viel sensibler sind als wir nordischen Menschen. Eine andere Menschenrasse, eine andere Kultur…

Ein-fühlen, Empathie, Empatia… ist eine der wichtigsten menschlichen Eigenschaften: Bereitschaft und Fähigkeit, sich in die Einstellungen anderer Menschen einzufühlen. Sie bedeutet Rettung und Entwicklung für Ehen, Freundschaften, Partnerschaften…

Empatia ist unentbehrlich, auch um die armen Menschen, die Ausgeschlossenen, die „borderliners" verstehen und lieben zu können.

Einen Megadank an Sie alle, für Ihre Mitsorgen, Ihr Gebet, Ihre Universalliebe, Ihre Spenden aus Luxemburg und sonstwo. Die Verantwortlichen der Stiftung Luxemburg-El Salvador und wir alle in El Salvador werden Ihre Gaben auch weiterhin möglichst gewissenhaft verwalten, „según el corazón de Dios", nach dem Herzen Gottes.

Ich wünsche Ihnen und Ihren Familien ein gesegnetes Weihnachtsfest:

Gott mit Ihnen, Gott mit uns, mit den Salvadorianern und allen Menschen, „die guten Willens sind".

Merci, danke, muchas gracias!

Ihr Henri Gloden

Kontakt

In Luxemburg:

Fondation Luxembourg - El Salvador
30, rue J.-P. Beckius, L-6671 Mertert
Tel. 74 80 93
Internet: www.elsalvador.lu / www.cercle.lu
E-Mail: luxelsa@pt.lu
CCPL - LU73 1111 2119 9449 0000
BILL - LU47 0024 1691 8554 5100

Bei der Fondation handelt es sich um eine staatlich anerkannte Stiftung. Spenden sind gemäß den gesetzlichen Bestimmungen steuerlich absetzbar.

In El Salvador:

Padre Enrique Gloden
Hogar Amor y Esperanza - Apartado 48
Santa Ana / El Salvador / Centroamérica
Tel. 00 503 78 77 09 78
E-Mail: glodensch@yahoo.com
CCPL LU59 1111 0369 1656 0000
(Postscheckkonto von Henri Gloden, Mertert)

Impressum

El Salvador - Luxembourg

Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador; paraît au moins quatre fois par an.

La Fondation a pour objet de promouvoir et de soutenir, par des aides matérielles ou autres, toute activité sociale et éducative dans l'intérêt de la population en détresse dans le pays d'El Salvador (Amérique Centrale) et plus particulièrement dans l'intérêt des enfants et adolescents dans le Foyer d'enfants «Amor y Esperanza» initié par lAbbé Henri Gloden à Santa Ana (EI Salvador).

Imprimé sur papier recyclé